**N° 4365**
Reçue le 27.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.05.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 27. Mee 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir lech, dës **parlamentaresch Fro** un den Här Premierminister weiderzeleeden.

Den Här Finanzminister sot an engem Interview den 24 Mee 2021 datt am Kader vun der neier Steierreform, d'Viraarbecht vun der Grondsteier bal fäerdeg wier, se misst elo just nach mat de Plans d'Aménagement Général verbonnen ginn an ob den Taux misst ee sech elo nach eenegen.

Den Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft huet virun 2 Wochen an engem Interview mam «d'Lëtzebuerger Land» annoncéiert datt d'Grondsteier d'Logementskris net géing léisen. De Gedanken datt Grondsteier d'Zeréckhaalen vun Bauland géing vermeide, wier eng «logique totalement folle». D'Besteierung misst dann net nëmmen zéng Mol mee honnert Mol méi héich sinn wéi se haut ass.

An dësem Kontext wëlle mir folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Virum Hannergrond vun dësen Meenungsdivergenzen wat d'Grondsteier betrëfft, kann den Här Premierminister eis informéieren wat elo am steierpoliteschen Beräich geschitt ?
- Vu datt d'Viraarbecht betreffend der Grondsteier laut dem Här Finanzminister bal fäerdeg, wéini soll d'Grondsteier kommen a wat kéint den Taux sinn ?
- Vu datt d'Grondsteier och d'Gemengen betrëfft, sinn dës och consultéiert ginn, respektiv an d'Diskussiounen mat agebonnen ginn ?

Här President, mir bieden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Deputéierten

Marc Spautz
Deputéierten

N° 4365
Reçue le 29.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 839x04697

Luxembourg, le 28 juin 2021

**Concerne :** Question parlementaire n° 4365 du 27 mai 2021 de Messieurs les Députés Laurent Mosar et Marc Spautz concernant la réforme fiscale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale:
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.mfin.gouvernement.lu

144 000003-20040525-FR

**Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister, Pierre Gramegna, a vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°4365 vun den éierbaren Deputéierte Laurent Mosar a Marc Spautz zum Sujet "Réforme fiscale"**

**Virum Hannergrond vun dësen Meenungsdivergenzen wat d'Grondsteier betrëfft, kann den Här Premierminister eis informéieren wat elo am steierpoliteschen Beräich geschitt ?**

De Koalitiounsaccord vun 2018-2023 gesäit vir, datt d'Grondsteier reforméiert gëtt an datt den neie Berechnungsmodell sech op d'Flächennotzungspläng (PAG) vun de Gemenge wäert baséieren. Fir dëst ze bewierken, ass et noutwenneg, informatesch Instrumenter z'entwéckelen. Effektiv sollen dës Instrumenter et erlaben, méiglechst automatiséiert Informatiounen aus de PAGen ze sammelen, fir eng Bewäertung vun all eenzel Parzell ze maachen. Dës Bewäertung soll an Zukunft als Basis déngen, fir d'Grondsteier ze berechnen.

**Vu datt d'Viraarbecht betreffend der Grondsteier laut dem Här Finanzminister bal fäerdeg, wéini soll d'Grondsteier kommen a wat kéint den Taux sinn ?**

D'Viraarbechte betreffend d'Grondsteier si fortgeschratt. Allerdéngs kënnen d'Diskussiounen, notamment déi iwwert d'Héicht vun den Tauxen, eréischt entaméiert ginn, wann déi virdru genannten Instrumenter zur Verfügung stinn. Dës sinn noutwenneg, fir Simulatioune kënnen ze maachen, déi et erlaben, och koherent Entscheedungen ze treffen. Eent vun den Ziler vun der Reform vun der Grondsteier besteet doran, eng méi transparent, awer virun allem méi gerecht Grondsteier z'entwéckelen, a Parzellen, déi an enger Gemeng e vergläichbare Wäert hunn, och d'selwecht ze besteieren. Ouni konkret Fäll kënnen duerchzespillen, ass et schwéier, dësem Objektiv gerecht ze ginn.

Zur Fro, wéini d'Grondsteier soll kommen, muss ee betounen, datt dës Grondsteier ofhängeg ass, net nëmme vun den Aarbechten zur Entwécklung vum neie Modell an den noutwennegen informateschen Instrumenter, mee och, wéi schonn ufanks erwäänt, vun den neie PAGen. Haut sinn nach ronn 45 Gemengen, déi d'Prozedur vun hirem neie PAG net ofgeschloss hunn. Et wäert awer onméiglech sinn, eng Grondsteier op Grond vu PAGen z'erhiewen, déi ënnert der Legislatioun vun 1937 erstallt gi sinn, well do d'Erfaassung vun den Donnéeë manuell misst gemaach ginn, wat en exzessiven Opwand géif mat sech bréngen.

Vu datt awer nach just 9 Gemengen d'Geneemegungsprozedur vun der Refonte vun hirem PAG net ugefaangen hunn, ass awer dovun auszegoen, datt an den nächste Joren all Gemeng e PAG vun der neier Generatioun wäert hunn an dee Moment och d'Grondsteier no engem neie Modell kann erhuewe ginn.

**Vu datt d'Grondsteier och d'Gemengen betrëfft, sinn dës och consultéiert ginn, respektiv an d'Diskussiounen mat agebonnen ginn ?**

Et ass kloer, datt d'Grondsteier eng kommunal Steier soll bleiwen. Dofir ass et och evident, datt d'Gemengen, respektiv de Syvicol, wäerte consultéiert ginn. Wéi scho virdrun ugedeit, befanne mir eis aktuell an enger méi technescher Entwécklungsphas vun der Reform vun der Grondsteier, wou eent vun den Ziler ass, eng effikass Basis ze schafen, fir an enger nächster Phas déi politesch Diskussioune kënne mat Zuelen, Analysen a Simulatiounen ze begleeden.